

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Am September 2022 goufen et eng ganz Partie Problemer beim Mobibus, dem Transport vu Persoune mat enger Behënnerung. De Grond heifir war haaptsächlech d’Aféierung vun enger neier informatescher Plattform fir d’Trajeten z’organiséieren.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°6895 vum 26. September 2022 huet den Här Minister geschriwwen, dass entspreichend Mesurë geholl goufe fir de Verspéidungen an de Komplikatiounen entgéintzewierken.

Allerdéngs ass eis zu Oueren komm, dass et aktuell nach ëmmer eng Partie Schwieregkeete géif ginn. Sou géifen d’Fuerzäite reegelméisseg changéieren an et géif dacks zu Verspéidunge kommen, respektiv de Bus kéim ze fréi, soudass d’Leit e verpassen.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- *Kann den Här Minister dës Informatiounen confirméieren?*
- *Wat sinn d’Grënn dofir, dass et weiderhi Problemer beim Mobibus gëtt?*
- *Wéi vill Reklamatiounen kruten d’Servicer vum Här Minister an deem Zesammenhang vu Januar bis Mäerz 2023?*


9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Wéi wëll den Mobilitéitsminister an Zukunft en beschtméiglechen Service fir Persounen mat enger Behënnerung garantéieren?*
- *Ass an deem Kader virgesinn, weider Personal anzustellen?“*

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN
Deputéierten



Claude LAMBERTY
Deputéierten